

## Eist Spill: Wou? Wat?



BARTHEL Pierre, Guedber  
BODEVIN Lucie, Houwald  
BRACHMOND Ernest, Bounewee  
CHRISTNACH Sandra, Gilsdref  
FIEDELER Jos, Hesper  
GERGEN Christiane, N'aaanwen  
JAANS Norbert, Mamer  
JANDER Gaby, Iwwersyren  
KAUFFMANN Sylvie, Schëtter  
OLINGER Leo, Stad  
SCHOLTES Sylvie, Stad  
SCHROEDER Metty Briddel  
THILL Jeanine, Menster  
THILTGEN Marie-Anne, Uerwer-  
kärjeng  
URY Pia, Esch-Uelzecht  
VANETTI Fernand, DK-Klamborg  
ZIGER Anne-Marie, lechternach  
...de klenge Cadeau kënnst no!

Mir waarden e Méindeg (6te Feb.)  
tëscht 9 an 13 Auer op äre Fax oder  
Mail. Merci a vill Chance.

An der KLACK 116 (7. Januar) hu mir um Bild de stenge Kapp (den Nuesen-Erni?) gesinn, dee fréier an der "Waassergaass" um "Ciné de la Cour" hong an haut nach op deerselwechter Plaz un der Fassad. Dee Kapp hat vill Nimm. Mir hunn äis op déi ganz vill Äntwerte gefreet a ginn iech d'Nimm vun de Frënn, déi richteg geroden haten:

## Här Léon Doemer,

Dir huet an engem Lieserbréif op eng interessant Fassong vum Ënnerscheid tëscht "dreeën, dréien, bedréien" geschwat, an hei spiert een de (gudde) Schoulmann eraus. Mir giffen äis häerzlech wënschen, nach esou Beispiller vun Iech liesen ze kënnen...a fillen, datt mir net ëmmer grad **eleng op der Mol sténgen, zugudderlescht esouguer eng gewësse "liberté des fous" hunn: mäi Gott, sinn déi nees amgaang; looss se gewäerden. "Les chiens abboient et la caravane passe!"**

Dir huet an engems mat Ärem flotte Schreiwes gewisen, wéi "differenzéiert" d'Lëtzebuergesch ass, an zwar esou, datt een **net vu ping op pang aus dem Däitschen** eriwierwéi kann, ouni sech d'Sprooch ze verstauchen. Vrun allem ower, ouni sech och emol eescht Gedanken iwwer d'Interferenz, d'Iwwerschneide vun deenen zwou Sproochchen ze maachen. Déi dräi Verben, déi Dir zitëiert, sinn nun emol dräi verschidde Begrëffer. Däerf ech Iech nach drop stoussen, datt et d'Verb "dréien" knapps an eiser Sprooch gëtt; ass dat net éischter dréinen? Deen "n" an der Mëtt schéngt typesch fir d'Lëtzebuergesch. Mék-pepélerei? Firwat net. Nach eng Kéier merci, an näischt fir onгутt. ■ P.W.

## Mir gratuléieren!

De 14. Februar feieren eise Grand-Duc HENRI an d'Grande-Duchesse MARIA TERESA hir Sëlwer Houchzäit. Si sinn zënter 5 Joer Laureate vun eiser Sëlwer Éiereplack DICKS-RODANGE-LENTZ an hunn op déi sympatheschst Manéier den duebele Patronage iwwer de RODANGE-KULTUR-WEE zu Wolz iwwerholl.

Just ewéi eis Sprooch, déi Hinnen um Häerz läit, sinn Si an d'Dynastie "LÉTZEBUERG" e Stéck vun eiser nationaler Souveränitéit an Identitéit. Mir gratuléieren Hinnen a wëlle mat Hinnen d'Freed vun Hirem groussen Éierendag deelen!

## Ceterum censeo(3)...

Ganz fräi iwwersat: mir ginn äis net!

Versprach ass versprach: Mir ginn äis hei net, bis datt endlech bekäppt ginn ass, datt **eis Nationalsprooch aus villerlee Ursachen an den Artikel 29 vun eiser Constitutioun** gehéiert. Mësche mir äis domat an d'Politik? Op kee Fall! Mä mir wëllen, datt "d'Politik" sech ouni Gefréckels a Geméichels mat deer Saach ofgëtt!

Mir hunn en hellegt Recht drop, **e kloort Signal fir d'Identitéit vun eisem Land** ze verlaangen...eis Chamber, eis Regéierung, dat sinn eis Verrieder, déi mir gewielt hunn. De Souverän, dat ass nom Grondgesetz d'Vollek! Oder solle mir äis am Text vun eiser Constitutioun verkuckt hunn? Da missten eis "Verrieder" sech vläicht en neit Vollek wielen.

Eng genëschelt Fro an deser Saach: Wou bleiwen eis Resistenz, déi "patriotesch Organisatiounen", eis "Enrôlés de force / Victimes du Nazisme". Ass dat haut net méi 'gefrot', woufir si riichtgestanen a gelidden hunn? «Héier déi fir dech gestriden...?» ■ ARO

## Léif Bungereffer Muttergottes!

Zënter Generatiounen huet Däi gréissten Éierentitel bei äis en däitsche Klank...a mir denken – grad ewéi bei "Klagt in Leid / wie unsere Väter flehten" – emol net drun, datt dat alles kee Lëtzebuergesch ass. Firwat? Dat gif e laangt Gespréich...et steet ower fest, datt "O Mamm, léif Mamm.../ Léif Mamm, ech weess et net ze so'n..." äis iergendwéi méi no geet. Fazit: Wat Generatiounen laang an eiser Sprooch ass, soll och hei gëllen a bleiwen. Ower...

Mir liesen an der Zeitung (LW/22.12.05), datt d'Bungereffer 'Kierchebotzéquipe' als **"grousshäerzegt Ofschids-geschenk der Tréischterin en neit Gewand"** gestëfft huet. Gutt, léif, sympathesch... mä alles ewéi kee Lëtzebuergesch. Firwat trëlle mir esou gär an d'Däitsch, wann et e bësse méi feierlech soll sinn? Da léiwer direkt op Houdäitsch, aplaz eis Sprooch (och déi Bungereffer!) esou ze vergewallegen. Och wann d'Tréischterin **als Cadeau beim Äddi en neit Kleed** kritt. Näischt fir onгутt.

■ H.M.

## ofhalen?

Wéini hale mir eppes of?... wann en Handwerksman net éierbar geschafft huet! Dat Verb huet bei äis ëmmer mat manner ginn / kréien ze dinn. Am Däitschen huet et méi eng breet Bedeitung, z.B. "eine Feier / Messe / Veranstaltung wird **abgehalten**" Bei äis gëtt dat alles einfach GEHAL: eng Mass, eng Versammlung, eng Sëtzung asw.; nach méi einfach: et ASS.

Firwat muss dat ëmmer esou e "feierlech Gesiicht" hunn? Lëtzebuergesch schreift een am einfachsten, wann een et an engem ganz normale Gespréich denkt. Da kënt et engem och net an de Kapp vun "Aenzeien" oder vun enger Gripp ze schwätzen, déi elo soll "am Ulaf" sinn, an zwar "grenz-iwwerschreidend". Sproochegripp!

## der ASTI hir Spéngel


vum Lex Roth

Hei ass ewell méi dacks gesot / geschriwwen ginn: Wann dir als Fransous zu Düsseldorf wëllt an engem Geschäft schaffen an **dir kënnst keen Däitsch, da kommt dir entweder net eran, oder dir sidd séier dobaussen**. Wëllt dir op de 'Champs Elysées' zervéieren an **dir verstitt a schwätzt kee Franséisch, dann ass déi Carrière scho gelaf** iert se ugeet. Erwëscht dir ower eng Plaz mat Public-Kontakt hei zu Lëtzebuerg, da kommt dir mat ärem Däitsch, Franséisch, och esouguer Englesch, ganz passabel iwwer d'Ronnen. Sief dat am Restauratiouns-Service, an engem Kleederbuttek, hannert enger Caisse: d'Sprooch schéngt egal. Schéngt!

Eng Rëtsch Patronën, Direkteren an aner Spëtze-Leit aus dem Geschäfts- / Déngschtberäich missten sech **d'Saach dach emol eng Grimmel méi wäit iwwerleeën**. Et seet net jidfer Client, wat hien dovun hält, z.B. nëmme op Franséisch zervéiert ze ginn. Et ka ganz gutt sinn, datt eng Konn aus dem Schong- oder soss engem « Umoosbuttek » erausgeet, ouni eppes ze kafen... esouguer wann dëst oder dat hir gefall hätt. Hätt !... ower **d'Franséisch ass nun emol net jidderengem senger Saach**. Mä do waren dann nach aner Leit am Geschäft, déi Franséisch gejaddert hu wéi eng Gabberjoul, déi dat gewinnt sinn oder 'méi Schoule gemaach' hunn...an da genéiert een sech, fir "säi" Franséisch ze schwätzen, gellidir. Normal!

Et geet och nach weider: "Do ginn ech net méi eran; do kanns de nëmme Franséisch schwätzen; äntwers de op Lëtzebuergesch, da gëss de grouss / domm bekuckt oder esouguer nach ugeranzt". Leider si mer dann och dacks net méi wäit vu méi haardem Gespréich: et fale 'Saachen', déi guer net onheemlech ziviliséiert sinn, vläicht graff an och nawell ganz gär ongerecht. **Dat wonnert iech hei an eiser KLACK?** Mir missten / müssen dach fir d'Lëtzebuergesch sinn! Dat si mir. Mir waren dat nach ëmmer a mir bleiwen et. Ower mir hu keng aner Sprooch verdäiwelt, well eng Sprooch jo net fir d'Leit kann, déi se schwätzen. Oder net. Et guf a gëtt an eisem Fall nëmme eng verstänneg Méiglechkeet: **Offréiert 'eisen' Ausländer eis Sprooch, privat an och a Coursën**. Dat huet d'Actioun-Lëtzebuergesch ewell 1976 gemaach... mir sinn an der Zäit esouguer plazeweis dofir ausgegrängt ginn! Natierlech ass eise Pionéierverdëngscht no 30 Joer bal an de Vergiess geroden. Wéi esou villes. Ower mir si frou, datt dës Coursën haut dat Normalst vun der Welt schéngen... an der en telech maache wéi wann si se erfondt hätten. Ok. Mä d'Bewäiser léien net! E schéine Sprooch: Jidderengem säint, da kritt Derdäiwel näischt.

Dat hei gëtt et och: Dir sidd an engem Buttek, frot eppes an engem Rayon oder an der Caisse, bei enger Persoun, déi no allem ausgesäit, mä net wéi wann d'Urgrousseltere vu Schlënnermanesch gewiescht wieren. Dir schwätzt alt léiwer gläich Franséisch. Dir gitt frëndlech bekuckt a kritt gesot: "Monsieur / Madame, Dir kënnst roueg Lëtzebuergesch mat mir schwätzen." Wann dat gutt Kand oder dee feine Jong der ASTI hir Spéngel un hätt, da gif esou eppes net virkommen: **ech schwätzen OCH Lëtzebuergesch**...a mir schwätze mat de Frënn vun der ASTI, ob sech do net nach och eppes zesumme maache léisst!



## Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

**39,50 €**

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).